N°1483
Entrée le 10.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 1483 vum 7. November 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Wéi héich ass aktuell den Taux u Geimpften (opgeschlësselt no Geschlechter an no den Alterskategorië vun 9 bis 14 Joer, 15 bis 20 Joer an iwwert 21) hei zu Lëtzebuerg?*

2024 gouf eng landeswäit Ëmfro[1] iwwer HPV gestart fir den Impftaux bei Meedercher a Jongen zwëschent 9 an 20 Joer ze evaluéieren D'Donnéeë ginn aktuell analyséiert.

*2. Wéi steet d'Ministesch zum aktuellen Taux u Geimpften hei am Land?*

De Moment kënne jo, wéi ënner 1. ugedeit, nach keng Aussoen gemaach ginn iwwer den aktuellen Impftaux.

*3. Wat gëtt gemaach, fir méi staark op d'Méiglechkeet vun dëser Impfung opmierksam ze maachen an esou méi en héijen Impftaux ze erreechen?*

Verschidde Moossname goufe schonn ëmgesat, anerer wäerten nach ëmgesat ginn:

- fir 2025 ass eng Informatiounscampagne iwwer den HPV geplangt.
- den Depliant[2] HPV ass 2023 à jour gesat ginn fir un d'Zilpopulatioun ausgedeelt ze ginn.

Wärend de Visitte vun der Schoulmedezin gëtt dësen Thema ugeschwat. Wann ee Schüler net geimpft ass, kritt hien eng kuerz Erklärung iwwert d'HPV-Impfung vun der Infirmière an en Avis gëtt un d'Eltere geschéckt fir hinnen ze recommandéieren hiert Kand géint den HPV ze impfen. D'Divisioun vun der Schoulmedezin mécht och op Ufro vu Schoulen Informationsseancen iwwert den HPV an d'Impfung.

*4. Ass d'Ministesch a Kontakt mam Educatiounsministère, fir dass och an de Schoule besser iwwert de Sujet vun HPV informéiert gëtt?*

D'Zesummenaarbecht tëscht de Ministèren wäert am Kader vun der Reform vun der Schoulmedezin weider ausgebaut ginn. Dobäi soll och de Volet Prevention a Promotion vun der Gesondheet bei de Kanner verstäerkt ginn.

---

[1] (Lancement d'une enquête pour évaluer la couverture vaccinale contre le HPV - Portail Santé - Luxembourg).

[2] https://sante.public.lu/fr/publications/p/papillomavirus-faites-vous-vacciner.html

*5. Eng Impfung géint HPV méi spéit am Liewen ass zwar net méi grad esou gutt wirkscham wéi wann se virum éischte sexuelle Kontakt virgeholl gëtt, trotzdeem ass eng gewëss Wierkung awer nach ëmmer ginn. Firwat gëtt d'Impfung ab 21 trotzdeem net vun der Gesondheetskeess rembourséiert, fir esou méi e staarken Ureiz fir eng Impfung ze bidden a vill Fäll vu Kriibserkrankungen a Relatioun mat HPV ze verhënneren?*

Aktuell recommandéiert de Conseil Supérieur des Maladies Infectieuses (CSMI) vu Lëtzebuerg, d'Impfung vu Jongen a Meedercher vun 9 bis 14 Joer inclus, souwéi an engem Nohuelprogramm fir jonk Leit tëscht 15 a 20 Joer. Den Impfschema besteet aus 2 Dosen mat engem Intervall vu 6 Méint tëschent den Dosen. Vum 21 Joer aus un, recommandéiert de CSMI d'Impfung géint HPV nëmmen fir Leit mat Immunschwächt. Den Impfschema besteet aus 3 Dosen (0, 2 an no 6 Méint).

D'Käschten fir recommandéiert Impfungen ginn am Kader vum nationalen Impf-Programm vun der Directioun vun der Santé iwwerholl.

Fir all HPV-Impfung fir eng Persoun di net ënner d'Recommandatioune fällt, ass eng Ordonnance médicale erfuerderlech, an de Patient muss d'Käschte fir den Impfstoff selwer iwwerhuelen.

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez